PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/07/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Wäit Deeler an Europa befannen sech aktuell erëm an enger Hëtzewell, déi virun allem déi Schwächsten an eiser Gesellschaft mat voller Wucht trëfft. Leit, déi op der Strooss liewen, hunn net vill Méiglechkeeten, fir sech virun den héijen Temperaturen ze schützen. Grad an Zäite vum Klimawandel, wou mer ëmmer méi mat Wierderextreme wäerten ze kämpfen hunn, gëllt et di Schwächsten an eiser Gesellschaft viru sengen Auswierkungen ze schützen.

Zu Berlin wëll een hei elo aktiv ginn: wéi de *Berliner Kurier* mellt, ginn do speziell Noutënnerkënft op, wann d'Temperaturen erop ginn. De Grondgedanken ass änlech wéi bei der Wanteraktioun: d'Leit gi virum extreme Wieder geschützt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Gëtt dëst Konzept och schonns zu Lëtzebuerg applizéiert a falls jo, wou?
   Falls nee, wäert d'Regierung hei handelen, fir nach an dësem Summer esou eng Noutënnerkonft zur Verfügung ze stellen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député